


# Parbréif

## Par Regioun Eechternoach St Willibrord

Nr 7/22

*Editorial...*

# „Jesus, denk an mich, wenn du in dein Reich kommst!“ (Lk 23, 42)

Wann dir dëst Parblat an der Hand haalt, dann ass et dat lescht fir dëst Kierchejoer. Den November ass iergendwéi de Mount, wou mir onweigerlech un den Dout an un d'Stierwen denken. Ageleet gëtt de Mount mat deenen zwee Deeg vun Allerhellegen an Allerséilen, déi eis jo all Joer un eis Vergänglechkeet an dëser Welt erënneren. Mir ginn op d'Kierfechter an denken un déi Mënschen, déi virun eis gelieft hunn, déi eis wichteg waren, déi mir och vermëssen.

Mä och d'Evangelientexter vun deene leschte Sonndeger am Kierchejoer thematiséieren d'Fro no deem, wat no eisem Dout kënnt. Do ass d'Evangelium vum leschte Sonndeg am Kierchejoer, dat mech ganz besonnesch uschwätzt (Lk 23, 35b-43). Um sougenannten „Christkönigssonntag“ steet déi Zeen um Liesprogramm vun eise Gottesdéngschter, wou de Jesus um Kräiz hänkt a wou zwee Verbriecher gläichzäiteg mat him d'Strof vum Dout mussen erleiden. Deen een mécht mam Jesus genausou de Geck, wéi och aner Leit et maachen. Awer deen Zweeten stellt sech an dëser Stonn op d'Säit vum Jesus. Dee ganz markante Saz, deen hien ausschwätzt, kenne mir all: „Jesus, denk an mich, wenn du in dein Reich kommst!“ (Lk 23, 42)

Dës Zeen um Kräiz huet ee vu menge Virgänger als Paschtouer an engem Bild gemoolt. Et hänkt doheem a mengem Büro an ech kann ëmmer nees dorop kucken. 6 Persounen sinn op dësem Bild ze gesinn. Si hunn all kee Gesiicht gemoolt. Et kann een deemno sech selwer an eng vun dëse 6 Persounen era projezéieren. D'Fro ass, wien engem dann elo am nächsten ass, wien engem elo besser entsprécht.

Deen ee Verbriecher, steet mat sengem Kräiz absolutt riicht do. Et kann ee scho bal soen, dass hien seng Arroganz och nach hei am Ubléck vum Dout bäibehält a kee Millimeter vun senger Linn ofgeet. Hie fillt sech am Recht. Hien war op engem Wee, wou hien weder dem Jesus seng Botschaft nach säi Verzeie brauch. Dofir dréint hien sech och vum Jesus ewech. Deen anere Verbriecher kuckt op de Jesus. Hien erkennt seng Schold, seng Feeler, säi Versoen. Säi Kräiz béit sech no hannen. Et gesäit bal esou aus, wéi wann hien domat well soen: Jesus, du hues esou eng grouss Guttheet. Virun dir kann ech nëmmen op de Buedem falen. Awer de Jesus mat sengem Kräiz vernäipt sech. Et ass impressionant op dem Bild duergestallt. D'Kräiz vum Jesus gëtt no a vernäipt sech mam Jesus hin zu deem Verbriecher, deen seng Schold gesäit, si unhëlt an ëm Verzeiung freet.

An deem Moment geschitt och d'Erléisung. Vun uewe gesäit een en Engel, deen ugeflunn kënnt mat engem Kellech a mat der Eucharistie. Hie bréngt iwwer de Verbriecher d'Erléisung an d'Verzeien. An deem Moment ass dëse Mënsch gerett a ganz beim Jesus. Hie steet an enger ganz grousser Gemeinschaft mat him.

***Titelbild**: Altor vun Bech, Erklärung op der Säit 18.* *Foto:* © Tom Osborne



pb 7-2022.indd 2 14/10/2022 20:59

Ënner dem Kräiz sinn nach zwou Persounen, déi mat gefaalten Hänn op de Jesus kucken. Jiddereen kann seng Fantasie spille loossen, wien si duerstellen. Mä vläicht sollte mir dat sinn. Mir gesinn dee Jesus, deen sech ganz déif béckt an engem béise Verbriecher verzeit. „Heute noch wirst du mit mir im Paradies sein." (Lk 23, 43b)

Ass et net esou, dass mir fir all eis Leit genee dat dierfen erhoffen. Ech gi mol dervun aus, dass déi wéinegst esou stuer an hire Feeler bleiwen, dass si net géife gesinn, dass si falsch leien. An eben da geschitt et, wat hei um Bild gemoolt ass, da béckt sech de Jesus zu eis erof an hëlt eis un. Och mir all kënne bäi him am Paradäis sinn. Et ass net vill gefrot. Just dee klenge Saz vu Rei muss eis iwwer d'Lëpse kommen: „Jesus, denk an mich, wenn du in dein Reich kommst!" E muss éierlech sinn an aus der Déift vum Häerz kommen. A genee da geschitt d'Wonner vun der Erléisung och fir eis all. Fir all déi vun eise Leit, déi dat vläicht net méi selwer hikritt hunn, triede mir an den Deeg ëm Allerhellegen un a soe fir si dee Saz. Et ass a mengen Aen dat eenzegt Gebiet, wat mir nach kënne soen am Ubléck vun eisem ierdeschen Enn. Ech wënschen eis all, dass mir dat fäerdeg bréngen an eis esou och dierfen op eisen Här verloossen. Seng Léift zu eis ass allefalls ganz grouss. Dofir kënne mir och mam Andreas Knapp dëst Gebiet un hien riichten:



**„letzte bitte**

wenn mein körper erkaltet

dass meine liebe
nicht erkalte

in all ewigkeit nicht"

aus: Andreas Knapp, ist wie Liebe. Gedichte, Echter Verlag Würzburg 2022, S.69.

*Carlo Morbach*

# Parbréif Inhalt


| | | | |
|---|---|---|---|
| Editorial... | 2-3 | | |
| Griewerseenungen | 4 | Erklärung Titelbild | 18-19 |
| Masseprogramm | 5-14 | Dëst & dat | 20-21 |
| Impressum | 15 | Kateches | 22 |
| Liestipp | 16-17 | Dat (Vir-) Lescht..s | 23 |

# Allerhellgen an Allerséilen 2022

## Gedenkfeieren op eise Kierfechter
## Seenen vun de Griewer

| | | |
|---|---|---|
| Altlinster | Mëttwochs, 02.11. | 09.45 |
| Altrier | Samschdes, 29.10. | 15.00 |
| Beaufort | Mëttwochs, 02.11. | 11.15 |
| Bech | Mëttwochs, 02.11. | 10.00 |
| Beidweiler | Dënschdes, 01.11. | 16.30 |
| Berdorf-Bëschk. | Dënschdes, 01.11. | 10.00 |
| Berdorf | Dënschdes, 01.11. | 11.00 |
| Bollendorf-Pont | Dënschdes, 01.11. | 15.00 |
| Born | Dënschdes, 01.11. | 15.00 |
| Bourglinster | Dënschdes, 01.11. | 11.45 |
| Breidweiler | Samschdes, 29.10. | 16.00 |
| Consdorf | Sonndes, 30.10. | 15.00 |
| Dickweiler | Mëttwochs, 02.11. | 11.15 |
| Dillingen | Sonndes, 23.10. | 11.45 |
| Echternach | Dënschdes, 01.11. | 14.30 |
| Eschweiler | Dënschdes, 01.11. | 16.15 |
| Girsterklaus | Mëttwochs, 02.11 | 15.45 |
| Godbrange | Mëttwochs, 02.11. | 10.00 |
| Gonderange | Dënschdes, 01.11. | 15.30 |
| Hemstal | Sonndes, 30.10. | 11.00 |
| Herborn | Sonndes, 30.10. | 16.30 |
| Junglinster | Mëttwochs, 02.11. | 12.00 |
| Moersdorf | Dënschdes, 01.11. | 16.30 |
| Mompach | Dënschdes, 01.11. | 15.45 |
| Osweiler | Sonndes, 30.10. | 15.45 |
| Rodenbourg | Dënschdes, 01.11. | 16.00 |
| Rosport | Sonndes, 30.10. | 15.00 |
| Scheidgen | Sonndes, 30.10. | 16.00 |
| Steinheim | Dënschdes, 01.11. | 11.30 |






pb 7-2022.indd 4 14/10/2022 20:59

# 31. Sonndeg am Joereskrees

Lk 19,1-10

**Samschdes 29.10.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 11.00 | **Daffeier** fir Eliah Heintz |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Altrier | 15.00 | **Griewerseenung** |
| Breidweiler | 16.00 | **Griewerseenung** |
| Echternach | 17.00 | **Daffeier** fir Léonie Hubert |
| Mompach | 17.30 | **Rousekranz** |
| Mompach | 18.00 | **Virowendmass** Fam Osweiler-Wirtz, Osweiler-Lauer, Osweiler-Scharschuh, abbé Nicolas Wirtz, Catherine Thill / Fam Wagner-Bisenius / St abbé Michel Schmitt a Fam Probst, Ernzen, Schiltz, Osweiler, Hubert |
| Consdorf | 18.00 | **Virowendmass** Fam Mirkes-Roth a Stieber-Lutz / Fam Gros-Schmit, Welter-Jungels an Oberweis-Welter / Charlotte a Roger Schroeder-Stelmes / Eugène Demuth a Fam / René Herckes a Fam / / St fir all Verstuerwen / St Cath Weis-Thoussing a Fam |
| Gonderange | 18.30 | **Virowendmass** St Fam Hilger, Georges, Lemmer a Boever, abbé Prost, Weis, Hellers, Fam Bingen, Schintgen, Poos, Linden-Entringer |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** 1. Jm Emile Wewer / 1. Jm Rose Metz-Blanpain / Liliane Gaspar Pereira a Maria Dos Anges / Adriano Costinha Nevoa |

**Sonndes 30.10.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 09.00 | **Mass** Marianne Bischoff |
| Hemstal | 10.00 | **Mass** Irma Meyers-Schmit / Camille a Maria Heintz-Hoffmann / Maria an Henri Gaasch-Fisch / Fam Witry-Schommer / St fir d'Marscherleit / St Catherine, Michel a Marguerite Schuller |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par |
| Steinheim | 10.30 | **Mass** Hubert Conjaerts / Heidy Hauer-Blasius, / Ehel. Jean Palgen a Cécile Ries / Marie-Josée Dahm |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Thérèse Mangen a Fam / Lydie an Armand Trierweiler |
| Hemstal | 11.00 | **Griewerseenung** |
| Consdorf | 15.00 | **Griewerseenung** |
| Rosport | 15.00 | **Griewerseenung** |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| Osweiler | 15.45 | **Griewerseenung** |
| Scheidgen | 16.00 | **Griewerseenung** |
| Herborn | 16.30 | **Griewerseenung** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** |



pb 7-2022.indd 5 14/10/2022 20:59

**Méindes 31.10.**

Echternach 09.00 Mass zu Eieren vum HL. Willibrord

# Allerhellgen

*Kollekte fir d'Caritas*

Mt 5,1-12a

**Méindes 31.10.**

Born 18.00 **Virowendmass** Marguerite a Mathias Hurt-Trierweiler / Fam Gust a Ketty Scheuer-Schaaf / Fam de Schorlemer - von Henckel Donnersmarck

**Dënschdes , 01.11.**

Echternach 09.00 **Mass** Fam Schroeder-Michelis, Erasmy-Relinger

Rosport 10.00 **Mass** Fam Grosbusch-Kapp-Haas / fir déi Verstuerwen, fir déi kee bied

Berdorf 10.00 **Erënnerungsfeier** um Bëschkierfecht

Berdorf 10.00 **Mass** 1. Jm Alice Meyers-Lucas / Lucie an Oscar Schilt-Lucas. Françoise Schilt-Jeming / Armand Neu a Fam Neu-Ries / Paul Wetter / Fam Gillen, Knaf, Weber a Pellet / St fir Cath. Stirn a Fam / St abbé Charles Stirn a Fam / St Fam Reisdorf-Linden / Jm Alphonse an Anna Kimmes / Adolphe Meyers a Fam / St Fam Thies-Federspiel

Berdorf 11.00 **Griewerseenung**

Echternach 10.30 **Mass** fir d'Par / St Fam Dom

Bourglinster 10.45 **Mass** St abbés Jos Wagner a Jacques Klein, Eugénie Gonnering a Fam Peffer-Walch

Bourglinster 11.45 **Griewerseenung**

Steinheim 11.30 **Griewerseenung**

Echternach 14.30 **Griewerseenung**

Bollendorf-Pont 15.00 **Griewerseenung**

Born 15.00 **Griewerseenung**

Gonderange 15.30 **Griewerseenung**

Mompach 15.45 **Griewerseenung**

Rodenbourg 16.00 **Griewerseenung**

Eschweiler 16.15 **Griewerseenung**

Beidweiler 16.30 **Griewerseenung**

Moersdorf 16.30 **Griewerseenung**



© Foto Norbert Stors

**„Der Tod ist nicht das Ende, nicht die Vergänglichkeit. Der Tod ist nur die Wende, Beginn der Ewigkeit."**



pb 7-2022.indd 6 14/10/2022 20:59

# Allerséilen

**Mëttwochs 02.11.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | **Mass** fir déi Verstuerwen aus der Par |
| Bech | 09.00 | **Gottesdéngscht** Georges Alff / Fam Thill / Marie-Louise Steffes a Fam / Josette a Jos Haas-Goedert / Fam Vic Thill-Wolter / St Léon Dupont, Marie-Madeleine Hermes, Madeleine Dupont an Elteren |
| Altlinster | 09.00 | **Mass** z.E. v. hl. Hubertus fir all Verstuerwen vun Allënster / St Jean Kieffer a Pauline Wies |
| Altlinster | 09.45 | **Griewerseenung** |
| Godbrange | 10.00 | **Griewerseenung** |
| Bech | 10.00 | **Griewerseenung** |
| Beaufort | 10.00 | **Mass** 6. Wm fir Jos Scholtes / Cécile an Mathias Enders, Léontine a Jean-Pierre Weydert / Jean-Pierre Cigrang a Maisy Kinnen / Jean-Pierre Hoff |
| Beaufort | 11.15 | **Griewerseenung** |
| Dickweiler | 10.30 | **Mass** op Meenung vum Poopst / Fam Leonardy, Braun, Weydert, Kremer / St Anna Clemens-Krantz |
| Dickweiler | 11.15 | **Griewerseenung** |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** fir all Verstuerwen aus der Gemeng Lënster |
| Junglinster | 12.00 | **Griewerseenung** |
| Girsterklaus | 15.00 | **Mass** fir all Verstuerwen / Verst. v.d. Fam Schuler-Girst / Anna Kolbach-Schuler |
| Girsterklaus | 15.45 | **Gedenkfeier** um neie Kierfecht *duerno* um ale Kierfecht a bei der Streewiss |
| Osweiler | 18.00 | **Mass** André a Roger Schwartz |

**Donneschdes 03.11.** *Hl. Hubertus*

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Mme Werner-Glesener |

**Freides 04.11.** *Hl. Karl Borromäus*

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass op Meenung FPMP / op Meenung MG |
| | duerno | Stëll Anbetung bis 10.00 Auer |




"Wie sehr irren doch die, die glauben, den Durst ihres Herzens und ihrer Seele mit einem anderen Wasser stillen zu können als mit der Gnade des Heiligen Geistes, als mit dem Genuss Gottes! Denn unsere Seele begehrt Unendliches, und nur mit dem unendlichen Gott kann sie jemals gesättigt werden."

*Karl Borromäus*



pb 7-2022.indd 7 14/10/2022 20:59

# 32. Sonndeg am Joereskrees Lk 20,27-38

*Kiermes an der Buerg, Amber, Allënster, Prättler, Méischdref an Dickweiler*

**Samschdes 05.11.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 16.00 Auer) |
| Bech | 18.00 | **Gottesdéngscht** 6. Wm Josy Peffer |
| Breidweiler | 18.00 | **Kiermesmass** Fam Leonardy / André Laugs / Jm Nic Schmit-Frisch Alice, Marcel a Jean-Marie Schmit, Pierre a Pauline Laugs-Stassen / Marie-Jeanne Laugs, hier Schwester an Elteren / Jean Wewer a Fam |
| Bourglinster | 18.30 | **Kiermesmass** (fir d'Buerg an Allënster) Fam Calteux-Molitor, Kramp-Wecker, Schmitt-Boujong / Cecile Peffer a Cath. Wurth / Josy Theisen, Marguerite a Jean Ernzen-Boden |
| Moersdorf | 18.00 | **Kiermesmass** fir d'Duerfgemeinschaft Abbé Paul Eemringer an Elise Theisen |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** 6. Wm Adriano Costinha Nevoa |

**Sonndes 06.11.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** Verst. v. d. Fam Hinkes-Steichen |
| Echternach | 09.00 | **Mass** René Hoscheid / Angèle an Eugène Wirtz-Weis |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par |
| Dickweiler | 10.30 | **Kiermesmass** fir d'Duerfgemeinschaft / Jm Josephine an Eugène Trierweiler-Casel / Fam Leonardy, Braun, Weydert, Kremer |
| Berdorf | 10.45 | **Haupeschmass** an der Breechkaul |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Jeanne a Frédéric Fandel-Olinger / Lydie an Armand Trierweiler André Avelino Monteiro, Maria Francisca Monteiro / St Fam Welter-Hansel |
| Echternach | 12.15 | **Daffeier** Alessandro Kömives an Frieda Feiden |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| Echternach | 18.30 | **Pilgermass** fir d'Par Regioun Iechternach St Willibrord an Pargemeinschaften vun Irrel an Trierweiler |

**Ufank vun der Willibrordus-Oktave**

➔ *Kuckt w.e.g. d'**Beilag** mam ganze Programm* ➔

**Méindes 07.11.** **Héichfest vum Hl. Willibrord**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass z.E. v. hl Willibrord - Krypta<br>fir d'Memberen an Donateuren vum Willibrordus-Bauverein uschl. Seenung vun der Willibrordus-Quell |
| Echternach | 20.00 | Matutin zum Fest v. hl. Willibrord |

**Dënschdes 08.11.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass z.E. v. hl Willibrord - Krypta / St abbé Alex Hoffmann |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass St Franz Neises, Christine Schenten a Mathias Neises (Bd) |

**Mëttwochs 09.11.** *Weihedag v.d. Lateranbasilika*

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass z.E. v. hl Willibrord - Krypta |
| Beaufort | 10.30 | Gottesdéngscht (Seniorenresidenz) |
| CIPA-Lënster | 11.00 | Wuertgottesdéngscht |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljegottesdéngscht<br>fir all d'Kanner aus der Par Regioun Iechternach St Willibrord |

**Donneschdes 10.11.** *Hl. Leo de Groussen*

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass z.E. v. hl Willibrord - Krypta / Fam Konsbrück-Laroche |
| | 18.30 | Stëll Anbetung |
| | 19.00 | Vesper |

**Freides 11.11.** *Hl. Martin*

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass z. E. v. hl Willibrord - Krypta / op Meenung NM |
| Echternach | 17.00 | Seenung v.d. klenge Kanner |
| Moersdorf | 18.00 | Rousekranz |
| | 18.30 | Mass z. E. v. Kierchepatréine<br>fir d'Verstuerwen vu Méischdref-Buerschdref |
| Echternach | 20.00 | Concert d'Orgues |



Lichter in der Dunkelheit.
Ein Widerschein von Gottes Liebe: Das sind Martin und alle Menschen, die die Not ihrer Mitmenschen sehen und handeln.
Wie Sterne am Himmel schenken sie Orientierung, machen Mut und schenken Trost.



pb 7-2022.indd 9 14/10/2022 20:59

# 33. Sonndeg am Joereskrees Lk 21,5-19

## *Kiermes zu Bur, Hemstal, Lënster an Uesweller*

**Samschdes 12.11.** *Hl. Josaphat*

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 10.30 | **Pilgermass** Lëtzebuerger Massendénger |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 16.00 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Born | 18.00 | **Kiermesmass** fir d'Duerfgemeinschaft / Alphonse Weydert an Elteren / Jos Hein a Kanner / Jeanny Classen-Farenzena |
| Hemstal | 18.00 | **Kiermesmass** St zur Éier vum Hl. Briktius / Irma Meyers-Schmit / Fam Gaasch-Fisch / Jm Jerry Hilger a Arthur Hilger / Louis Beil a Fam Laschette-Wintersdorf / St Fam Dupont-Haufels |
| Godbrange | 18.30 | **Virowendmass** Fam Graf-Philippe, Félix Graf-Wagner / St Fam Frisch, Kieffer / Fam Konsbrück a Kass |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** 6. Wm Paul Pletschette / Jm Maria Wohner-Schmit, Jos a René Wohner / op Meenung DLNH |
| Echternach | 20.00 | **Messe de pèlerinage** de la communauté portugaise |

**Sonndes 13.11.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** mat de Juegdbléiser z. E. v. hl. Hubertus fir Fam. Wengler-Ernzen / Willy Hein |
| Echternach | 09.00 | **Mass** Fam Gilbertz a Fam Oberweis |
| Echternach | 10.30 | **Tëleesmass** mam Weibëschof Mgr Léo Wagener |
| Osweiler | 10.30 | **Kiermesmass** 6. Wm Roger Schwartz / Jean-Pierre a Cécile Zeimetz-Kapp, Fam Zeimetz-Freilinger, Kapp, Gloden, Lutgen / Jos a Vic Schaminé Beby Ries a Fam Ries-Wirtz / Fam Strenzler, Weber, Hellers, Henri an Alice Weis-Mai *D'Mass get gesongen vun der Chorale "Wölesser an Eesber Sängerfrënn"* |
| Junglinster | 10.45 | **Kiermesmass** Marcel a Jean Beck / 8. Jm Guy Berns / Denis Dimmer / St Wohltäter der Pfarrei u Wohltäter der Restaurierung der Pfarrkirche |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| Echternach | 16.00 | **Laténgesch Vesper** mat der *Schola Willibrordiana* |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** Fam Hauer-Sauber / Fam Schmitt-Alesch, Alesch-Wangen a Schmitt-Schumacher |

*Vous serez détestés de tous, à cause de mon nom. Mais pas un cheveu de votre tête ne sera perdu. C'est par votre persévérance que vous garderez votre vie.* Lc 21, 17-19





pb 7-2022.indd 10 14/10/2022 20:59

**Méindes 14.11.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass zu Eieren vum Hl. Willibrord |
| Osweiler | 18.00 | Mass fir di Verstuerwen / Jm Félicie a Marcel Schwartz-Schummer<br>duerno Griewerseenung |
| Altrier | 18.00 | Mass Juliette Jungbluth-Weyler / St d'Marscherleit / op Meenung |

**Dënschdes 15.11.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Geschw. Braun u. Eltern |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass St Victor Herber-Mockel |
| Rodenbourg | 18.30 | Mass Edmond Welter |

**Mëttwochs 16.11.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdes 17.11.** *Hl. Gertrud v. Helfta*

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St f. Priester u. Wohltäter |
| Echternach | 18.30 | Stëll Anbetung |
| | 19.00 | Vesper |

**Freides 18.11.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass op Meenung MG |
| Osweiler | 12.15 | Gottesdéngscht mat Mataarbechter vun "Elisabeth" |
| Rosport | 18.00 | Kannergottesdéngscht |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| Mompach | 19.30 | Mass Sr Marie-Rémi a Jos Eipers |




„Als ich mich am Abend zum Gebet niederkniete, dachte ich plötzlich an die Worte des Evangeliums:
Wer mich liebt, der hält sich an mein Wort; mein Vater wird ihn lieben, und wir werden zu ihm kommen und bei ihm Wohnung nehmen (Joh 14,23).
Da fühlte mein Herz, dass du angekommen und in mir gegenwärtig warst.“

*Gertrud von Helfta*



pb 7-2022.indd 11 14/10/2022 20:59

# Héichfest Christus de Kinnek

Lk 23,35-43

*Kiermes zu Bech, Eesber, Hierber a Steenem*

*Affer fir eis Choralen*

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdes 19.11.** | | *Hl. Elisabeth* |
| Beaufort | 11.00 | **Daffeier** fir Alicia da Guia Silva |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Echternach | 17.00 | **Daffeier** fir Hailey Pirovits |
| Bech | 18.00 | **Kiermesmass** Vic Thill-Wolter / Marie-Louise Steffes Neyens a Fam St Fam Dupont-Weyland |
| Herborn | 18.00 | **Kiermesmass** fir d'Duerfgemeinschaft / Fam Weydert-Lutz-Kleyer / Fam Kinnen-Pletschette |
| Gonderange | 18.30 | **Virowendmass** St Fam Hilger, Georges, Lemmer a Boever |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** 4. Jm Willy Lippert |
| **Sonndes 20.11.** | | |
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 09.00 | **Mass** St Fam Leiner-Schott |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / 4. Jm Nic Lanser |
| Steinheim | 10.30 | **Kiermesmass**...Heidi Hauer-Blasius / Marie-Josée Dahm / Hubert Conjaerts |
| | duerno | **Griewerseenung** |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Fam Weydert-Konsbrück a Josy Weydert / Ed Meyers a Fam. /St Fam Nilles-Calmes, abbé Pierre Schintgen |
| Beaufort | 10.45 | **Mass** 1. Jm Marianne Antony-Alen / Jean-Pierre Hoff |
| Berdorf | 10.45 | **Gottesdéngscht** fir Raymond Petit (bestalt vun der LPL) 7. Jm Pierre Millen a Jm Robert Reisdorf-Linden / Léon MIllen-Bauler a Fam / Angelo an Angela Verna-Comes |
| Junglinster | 11.45 | **Daffeier** fir Loïc Fournelle |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** St Fam Schacht-Feilen |
| **Méindes 21.11.** | | *Gedenktag U. Lieben Frau in Jerusalem* |
| Echternach | 09.00 | Mass |
| Breidweiler | 18.00 | Mass Richard Leonardy / Jean Wewer a Fam / Pierre a Pauline Laugs-Stassen / St fir Hw Felix Huberty |
| Herborn | 18.30 | Mass um Kiermesméinden fir d. Verst vun Hierber a Steenem / Fam Braun-Schoellen-Meiers |



pb 7-2022.indd 12 14/10/2022 20:59

**Dënschdes 22.11.** *Hl. Cäcilia*

Echternach 09.00 Mass St Fam Zimmer-Scheuern
CIPA-Consdorf 10.30 Mass St fir Catherine Stirn a Fam (Bd)

**Mëttwochs 23.11.** *Hl. Kolumban*

Beaufort 10.30 Gottesdéngscht (Seniorenresidenz)
CIPA-Lënster 11.00 Mass Josée Fixmer-Schneider, F Goedert
Echternach 18.30 Kanner - a Familljemass

**Donneschdes 24.11.** *Hl. Andreas Dung-Lac*

Echternach 09.00 Mass St Fam Kohn-Parisot
Echternach 18.30 Stëll Anbetung
19.00 Vesper

**Freides 25.11.** *Hl. Katharina v. Alexandrien*

Echternach 09.00 Mass St Fam Noesgen-Lorenz
Rosport 18.00 Kannergottesdéngscht
Junglinster 18.00 Stëll Anbetung
18.30 Kanner- a Familljemass
St Fam Buchholtz, Ludwig, Oswald, Kohnt
Osweiler 19.30 Mass z. E. v. d. hl. Katharina






pb 7-2022.indd 13 14/10/2022 20:59

# 1. Adventssonndeg

Mt 24,37-44

*Ufank vum neien Kierchejoer (Liesjoer A)*

**Samschdes 26.11.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 15.30 | **Daffeier** fir Andrew Kihm |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Altlinster | 17.00 | **Daffeier** fir Hannah Becker a fir Tun Becker |
| Consdorf | 18.00 | **Virowendmass** Fam Reckinger-Weber / fir Fam Jean-Pierre Goedert-Weber / fir Ady Molitor a Fam |
| Godbrange | 18.30 | **Virowendmass** St Fam Reiter, Maller, Altmann, Breser, Wecker, Hengen a Maller-Dahm |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** St Frantz Ludwig an Elise Hengel, Willy Stemper an Catherine Hengel, Josy Stemper an Marianne Konter |

**Sonndes 27.11.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** |
| Hemstal | 09.00 | **Mass** Irma Meyers-Schmit / Fam Gaasch-Fisch / Louis Beil a Fam Laschette-Wintersdorf / op Menung |
| Echternach | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par |
| | 10.30 | **Mass** |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Jm Marcel Steffen / Odile a Jean-Pierre Emering-Kieffer / op Meenung / St Fam. Bertrang-Wiltgen, Schortgen, Nilles, Weis, Meyers |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** Fam Follmann-Kruft |






pb 7-2022.indd 14 14/10/2022 20:59

**Impressum** Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord
Oploo: 3000 Ex., kënnt ca 8 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.
De nächste Parbréif kënnt de 27. November eraus a geet bis de 25. Dezember 2022.
**Redaktiounsschluss 7. November 2022**

# Kontakt

**Francis Erasmy**, Paschtouer a Moderateur, ✉ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 💻 ferasmy@pt.lu
**Carlo Morbach**, Paschtouer, ☎ 621 197083 💻 carlo.morbach@cathol.lu
**Luc Schreiner**, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052
**Sylvie Kinnen**, Parassistentin , ☎ 26720022 💻 sylvie.kinnen@cathol.lu
**Anise Metz**, Parassistentin , ☎ 720149 💻 aimetz@pt.lu
**Josiane Mirkes**, Parassistentin, ☎ 621263256 💻 josiane.mirkes@education.lu
**Luc Zimmer**, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,
☎ 26720376, 💻 luc.zimmer@cathol.lu

**Konto Parbréif:** BCEELULL **LU54 0019 5055 3954 5000**
(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

## Parbüro Eechternoach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149 , 💻 iechternach@cathol.lu
**De Parbüro ass op vu Dënschdes bis Donneschdes 10.00-12.00 Auer**
oder op Rendez-vous iwwer Telephon si mir ereechbar.

## Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster , ☎ 780043
**Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer**
(de Büro ass zou an de Schoulvakanzen)

## Konto Massintentiounen:

BCEELULL **LU54 0019 5055 3954 5000**
Kierchefong C.T. / Reg Iechternach
*Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer*

All Informatiounen iwwert eist Parliewen
fannt Dir op: **https://cathol.lu/iechternach**



pb 7-2022.indd 15 14/10/2022 20:59

pb 7-2022.indd 16 14/10/2022 20:59



# Liestipp...

## Stephan Wahl

## **Erwarte von mir keine frommen Sprüche**

### Ungeschminkte Psalmen

Echter Verlag Würzburg 2022
110 Seiten, 14,90 €.




Mat grousser Freed kann ech dem Stephan Wahl säin neiste Buch virstellen. Zënter en etleche Joren lieft hien zu Jerusalem a beschäftegt sech ganz intensiv mat dem Schreiwen vun Texter. An dësem Buch, dat elo just um Maart ass, publizéiert hien ganz wéi et seng Manéier ass, duerchaus kritesch an awer och opbauend Texter. Hien nennt si Psalmen. Effektiv sinn et Texter, déi eng Ähnlechkeet mat de Psalmen aus der Bibel hunn. Dat ass wuel ganz bewosst vun him esou gewollt. Wann een d'Alt Testament opschléit an do an deenen 150 Psalme bliedert a liest, da fënnt ee vu Luef bis Kritik, vun Ubiedung bis Verzweiwlung praktesch all mënschlech Stëmmungen, déi ee kann hunn. Deemools schonn hunn d'Mënschen all hier Freed an och hier Suergen ganz däitlech a mat kräftege Wierder viru Gott bruecht. De Stephan Wahl wëll genee dat och maachen. Hien kuckt déi aktuell Situatioun an eiser Welt. Hien dréit a Form vun Gebieder, esou wéi d'Psalmen am AT, Gott eis Suergen an Nout vir. Dobäi sinn seng Texter wierklech „ungeschminkt". Dat heescht hien hëlt kee Blat virun de Mond a schwätzt eng däitlech Sprooch. Vläicht läit jo och grad do ee vun eise Problemer an der Kierch, dass mir alles ëmmer nëmme verklausuléiert gesot hunn. Mir hunn eis et ofgewinnt a klore Wierder aus ze drécken. Grad vis-à-vis vu Gott brauche mir keng Angscht ze hunn. Mir kënne wierklech alles soen an zwar esou, wéi et nu mol ass oder wéi mir et an eis spieren.

Dem Stephan Wahl seng Texter si voll vun deem, wat mir all an dësen Zäite fillen. An engem éischte Kapitel thematiséierten hien d'Katastroph vun der Iwwerschwemmung vun 2021 un der Ahr. Et ass verständlech, dass dat him besonnesch no geet, well et seng Heemecht ass. Duerno kennt ee Kapitel mat 10 Texter, déi sech mat de Problemer an der Kierch an an der Gesellschaft befaassen. Eis Verlugenheet an der Kierch, wéi de Krich, wéi och déi ganz perséinlech Depressiounen a Suergen kommen kloer zur Sprooch. Et kann ee sech selwer an deene Wierder erëm fannen. Si maachen engem d'Aen op fir déi déif Dimensiounen vun eise Gefiller. Allerdéngs wier ee Buch mat Psalmen kee Buch mat Psalmen, wann net och d'Luef an de Merci zur Sprooch kéimen. Mir dierfen net bäi eise Kloen a Froe stoe bleiwen. Mir mussen eis och ëmmer nees besënnen an op dat kucken, wat gutt ass am Liewen. Déi nächst 9 Psalmen stinn dofir ënner der Iwwerschrëft „Lob und Dank". Duerno kënnt de Mutt fir een neien Opbroch. Mir dierfen eis ni an eise Misär verbéissen. Mir mussen eis op de Wee maachen a selwer Kraaft a Liicht an eis Welt bréngen.

Am „Pfingstpsalm" heescht et: „Wie ein Sturm fahre mir in die Knochen / und schüttle mich durch, / löse alles, was verhärtet / und was

kalt meine Schritte behindert.“ (S. 99) Genee dat kann och d'Liesen vun dëse gudden Texter vum Stephan Wahl a jidderengem vun eis ausléisen. Ech wënsche allen, déi zu dëse Psalmen gräifen eng déif Erfarung vu Stäerkung am Kontakt mat Gott.

## Andreas Knapp
## **ist wie Liebe**
### Gedichte

Echter Verlag Würzburg 2022
84 Seiten, 12,80 €.




Een anert Buch mat ganz schéinen an déiwe Gedichter ass dëst neit Buch vum Andreas Knapp. Hien ass wéi de Stephan Wahl Priister a bezeechent sech als Poet. Gebuer ass hien 1958 a lieft als Member vun der Uerdensgemeinschaft vun de „Kleinen Brüder vom Evangelium“ zu Leipzig. Zënter enger Rei Joren hunn ech ëmmer nees Gedichtbänn vun him kaaft a gelies. Déi, déi meng Priedegten nolauschteren, hunn och schonn dacks Gedichter vum Andreas Knapp héieren. Et si meeschtens kuerz Texter, déi vu bibleschen Texter inspiréiert sinn an déi da mat deem Erlieften vun eiser Zäit an ee Kontext gesat ginn. Des Gedichter sinn net ëmmer direkt a liicht ze verstoen. Awer si reege mech op alle Fall ëmmer nees un, fir dacks Deeg laang driwwer nozedenken an ze meditéieren.

A sengem neiste Buch sinn, wéi den Titel et ausdréckt, Gedichter zesumme gedroen, déi sech mat der Léift befaassen. Hei si ganz mënschlech Suergen a Freeden thematiséiert. Grad wéi an senge Bicher virdrun loosse si mech dreemen vun enger besserer Welt. Ech denke mir ëmmer erëm, dass mir eis méi iwwer eis Gefiller missten am Klore sinn. Dacks wier munche Problem séier net méi an der Welt, wa mir eis heiansdo géifen niddersetzen, nodenken a meditéieren, an dann eréischt géife reagéieren. Iergendwéi sinn et des dacks extrem kuerz Sätz vum Andreas Knapp, déi mech erëm an de Fridde mat mir selwer a mat deem, wat ronderëm mech geschitt, zeréck huelen.

Sou ee Buch mat Gedichter ass net geduecht, dass een si an enger Kéier all duerch liest. Et soll een einfach op eng Entdeckungsrees goen a mol dëst mol dat kucken an doriwwer nodenken. Dat selwecht gëllt och fir dem Stephan Wahl seng Psalmen.

Dat lescht Gedicht (S. 79) soll hei ofgedréckt ginn:

*Carlo Morbach*

***„beipackzettel für die liebe***

*universales allheilmittel*
*auf menschlicher basis*
*milliardenfach erprobt*
*rezeptfrei und gratis*

*in möglichst großer dosis*
*täglich verschenken*
*für kinder stets*
*zugänglich bereithalten*

*kann spuren*
*von göttlichem enhalten*
*fragen sie aber weder arzt*
*noch apotheker*

*als nebenwirkung*
*kann schlaflosigkeit auftreten*
*temporäre erblindung und herzklopfen*
*doch alle risiken lohnen“*



pb 7-2022.indd 17 14/10/2022 20:59

# Der Altar in der Kirche von Bech

Der Altar (Tabernakelaltar) der Kirche von Bech (Titelbild des Pfarrbriefs) hat eine durchaus bewegte Geschichte. Er stammt aus der Werkstatt Hans-Ruprecht-Hoffmann aus Trier und stand als Hochaltar in der alten Kirche von Bech. Die heutige Kirche wurde 1875 erbaut. Der alte Altar wurde in dieser neuen Kirche in die Taufkapelle eingebaut. Zu diesem Zeitpunkt war er schon arg „verstümmelt durch einen später eingebauten künstlerisch wertlosen Holztabernakel" . In die Mensa des Altars wurde dann in der neuen Kirche von Bech auch noch ein Taufstein eingelassen, der eine weitere Zerstörung des ursprünglichen Altars mit sich brachte. Bis zur Renovierung der Kirche (um 1970) nach dem zweiten vatikanischen Konzil stand der Altar in der Taufkapelle.

Im Beratungsregister des Kirchenrates der früheren Pfarrei Bech steht für den 5. April 1970 folgende Anmerkung: „IV. Der Kirchenrat beschließt, auf Einladung der Gemeinde, am nächsten Mittwoch, den 8.4. mit den Gemeindevertretern zusammen zu kommen um über die Fertigstellung der Kirche zu beraten. V. Alle Mitglieder unterschreiben einen Brief an Madame Frieden, Ministre des affaires culturelles, mit der Bitte die betreffende Kommission zu entsenden um über die Instandsetzung und die Aufstellung des früheren Steinaltares hinter dem jetzigen Opferaltar zu beraten. Dieser Altar soll als Tabernakel-Altar dienen." Der alte frühbarocke Steinaltar wurde nun im Chor der Kirche, nachdem der neogothische Holzaltar entfernt war, aufgestellt. Teilweise wurde er in den ursprünglichen Zustand zurückversetzt. Gut zu erkennen ist heute die nicht ganz gelungene Restauration des ursprunglichen Zustands des Altars. Die Inschrift im Sockel des Altaraufbaus konnte nicht mehr wieder hergestellt werden. So bleiben bis heute die Zeugen der Zerstörung aus früheren Zeiten sichtbar. Ein neuer kleiner Tabernakel wurde eingebaut und die grössere Nische darüber wieder ganz sichtbar. In ihr fand eine kleine Statue des Kirchenpatrons seinen Platz. Doch diese Statue des heiligen Johannes war nicht für diese doch recht große Nische geschaffen und wirkte immer fehl am Platz. Bei der letzten Renovierung der Kirche wurden die Statuen vertauscht, so dass nun der heilige Rochus in der Nische steht und optisch besser passt. Der heilige Johannes thront in der Spitze des Altars. Offensichtlich waren beide Satuen nicht für diesen Steinaltar geschaffen und kamen wohl ursprünglich auch nur als Notlösung hinzu.

In der rechten und linken Seiten-nische des Altars stehen zwei Alabasterstatuen der heiligen Agatha und der heiligen Luzia. Sie gehören wahrscheinlich zu der anfänglichen Komposition des Altars. In der Kapelle des heiligen Sebastian in der Basilika von Echternach stehen in Wandnischen 4 weitere Alabasterstatuen, welche aus der gleichen Werkserie stammen wie die Statuen in Bech.

Ob diese aus Bech stammen wie Staudt vermutet oder die Statuen und der Altar von Bech aus Echternach kommen, ist nicht unbedingt geklärt. Der Steinaltar von Bech könnte ursprünglich in einer Kapelle in Echternach gestanden haben und





pb 7-2022.indd 18 14/10/2022 20:59

kam dann später nach Bech in die alte Kirche. Bech war bis zur Auflösung der Abtei Echternach eine Filiale von Echternach und wurde von den Mönchen seelsorglerisch betreut. Dies kann auch auf die Herkunft des Altars hindeuten. Die ehmalige Kaplanei Bech wurde 1803 für kurze Zeit eigenständige Pfarrei. Von 1805 bis 1808 war Bech dann Filiale der Pfarrei Hemstal. 1808 wurde Bech endgültig als eigenständige Pfarrei errichtet bis zur Auflösung aller alten Pfarreien im Gebiet unserer neuen Pfarrei „Regioun Iechternach St. Willibrord".

Das Schwarz-Weiss-Foto zeigt den Zustand des Altars vor der Renovierung um 1970 in der Taufkapelle der Kirche von Bech.

*Carlo Morbach*




Die Reste der Inschrift am Sockel des Altars:

**IN HONOREM VITA**
**CIVIS EPTERNACENSIS IN ENDAM**
**FILIO SUO HIERONYMO NOTAR AVIT A⁰ 1679**

# Raymond Petit - e grousse Resistenzler

De Raymond ass gebuer den 16. Januar 1920 zu Lëtzebuerg. En huet als Grënner vun der LPL (Lëtzebuerger Patriote Liga) ganz vill am Krich fir d'Resistenz geschafft an domat fir d'Fräiheet vum Lëtzebuerger Land vill geleescht.

De Raymond Petit huet vu Baertref aus mat Baertreffer Frenn d'Fiedem gezunn an d'Schaffe vun der LPL dirigéiert. En hat och zu Baertreff fir laang Zäit eng sécher Stopp fonnt, bei sengem Monni an beim Paschtouer Keup.

Virun 80 Joer, den 21. Abrëll 1942, huet zu Baertreff, a Peifesch, den Raymond Petit och déi lescht a schwéierst Decisioun a sengem Liewen geholl.

Deen Dag sinn zu Baertreff, fënnëf Schëss gefall an no enger kuerzer Paus nach een sechsten. Dëse leschte Schoss war de Schlusspunkt hannert dem Liewen vun engem jonke Mënsch, dem Raymond Petit.

Hien huet säi jonkt Liewen hierginn fir seng Frënn a Resistenzler vun der LPL virum Prisong, KZ an dem méiglechen Doud ze retten. Schonn Ufanks 1942 huet de Raymond zu sengen enksten Frënn gesoot: "Wann et eescht gëtt, da wieren ech mech bis un d'Enn, an déi lescht Kugel ass fir mech".

E Mënsch wéi de Raymond Petit duerf net an de Vergees geroden, duerfir halen mir eng **Gedenkfeier den 20. November zu Baertref**:

Um 10.30 Auer leeë mir Blummen neier virun der Stèle vum Raymond Petit (Rue de Consdorf/rue Raymond Petit). Um 10:45 Auer gëtt e Gottesdéngscht gehalen an duerno ass eng Ausstellung am Centre Culturel „a Schmadds".

D'Ausstellung ass op no der Mass bis 13 Auer a Nomëttes vun 16 Auer bis 20 Auer.

Amicale LPL an LPPD Echternach an Emgéigend



pb 7-2022.indd 19 14/10/2022 20:59

*Dëst & dat...*

# Neuerscheinung

Als Folgeband des 2016 erschienenen Urkunden – und Quellenbuchs über die Zeit von Abt Robert von Monreal erscheint Ende Oktober ein weiterer Band über die Amtszeit seines Nachfolgers. Als Robert von Monreal im Jahre 1539 starb, begann eine unruhige Zeit sowohl für die Abtei als auch für die Stadt Echternach. Würden die Mönche, unterstützt vom Trierer Kurfürsten, die Kandidaten ihrer Wahl, Matthias von Lutzerath, und nach dessen Able¬ben, Jakob von Alteneberstein, gegen den Willen des mächtigen Kaisers Karl V. durch¬setzen können, der vom Papst die Erlaubnis erwirkt hatte, den Echternacher Abt zu bestimmen? Echternach war plötzlich zum Zankapfel zwischen Kaiser und Kurfürsten, zwischen Brüssel und Trier, zwischen Speyer und Mechelen geworden.




Viele Dokumente, die bis dahin in Luxemburg unbekannt waren und die in den Archives Générales du Royaume in Bruxelles liegen, berichten über eine Zeit in der die Abtei und die Stadt Echternach durch Kriege gegen Frankreich, durch spanische Besatzungsarmeen, durch ansteckende Krankheiten, durch den Einfall des Markgrafen von Brandenburg und durch den rücksichtslosen Kampf der beiden Kandidaten, die beide allein Abt werden wollten und die beide über die Einkünfte der Abtei verfügen wollten, sehr herunter gekommen waren.
Das Buch erscheint im Trierer Verlag für Geschichte & Kultur und hat 626 Seiten.
ISBN : 978-3-945768-27-3. Preis: 48 €.

# Familljen hëllefe Familljen

**Kanner- a Familljenhëllef A.S.B.L.**
Siège social: 7, rue de Kehlen, L-8394 Olm, Tel: 661309320
CCPLLULL LU61 1111 7038 8755 0000

Och dëst Joer maache mir matt als Par bei der **LIEWENSMETTELPÄCK-AKTIOUN** vum **1. bis den 20. November 2022.**

Gratis Këschte kritt Dir op de Sammelplazen an de Kierche vun onsem Parverband vum 1.November un. Dir kënnt dës Këschte fëllen a nees zeréckbréngen oder op denen 2 Sammeldplazen ofginn:

Famille Origer-Majerus, 56, rue Hicht, L-6212 Consdorf Tel. : 691 79 08 09
Parbüro, 12 Porte St Willibrord, L-6486 Echternach, Tel.: 720 149

Dir kënnt och en Don maachen op de Kont vun der Organisatioun

*Merci villmools fir Är wäertvoll Ënnerstëtzung!*



pb 7-2022.indd 20 14/10/2022 20:59

**...zur Ausstellung im Trifolion Echternach**

# Esou ginn Helde gebuer - **Konferenzen**

### Mittwoch 16.11.2022 | 19h00 | TRIFOLION Echternach

### Englänner, Lëtzebuerger, Europäer? Op den Spueren vum modernen Willibrord-Bild

### Konferenz mam Dr. Michel Summer

De Numm Willibrord ass haut zu Lëtzebuerg virun allem mat der Iechternacher Sprangprëssioun verbonnen. Säi Ruff als lëtzebuergeschen Nationalhellegen ass awer nëmmen eng vu villen Identitéiten, déi dem Willibrord am Laf vun de Joerhonnerten zougerechent gouf: englesche Missionar, iresche Pilger, „Apostel der Friesen". De Virtrag ënnersicht d'Entwécklung vum moderne Willibrord-Bild tëschent dem 19. an dem 21. Joerhonnert a geet der Fro no, wéi een sech am modernen Europa - vun Irland bis op Iechternach - un d'Fréimëttelalter erënnert an erënnert huet.

### Dienstag 29.11.2022 | 19h00 | TRIFOLION Echternach

### D'Gräfin Ermesinde: liberal, fromm an national | Konferenz mam Dr. Pit Péporté

D'Ermesinde ass haut déi bekanntste mëttelalterlech Herrscherin vu Lëtzebuerg. Si gouf dëst, nodeems Historiker si op déi ënnerschiddlechst Manéieren interpretéiert hunn: als Bréngerin vun der Fräiheet, als fromm kathoulesch Prinzessin an als wichteg Verbindung an der „Nationalgeschicht". All dës Interpretatiounen kou- men 1936 zesummen, wéi d'Stad Iechternach den 700. Anniversaire vun der Iwwerreechung vum Fräiheetsbréif duerch d'Gräfin Ermesinde geféiert huet.

### Donnerstag 08.12.2022 | 19h00 | TRIFOLION Echternach

### "En ass et!" | Live Sketching-Session mam Dr. Michel Summer

Mam Saz „En ass et!" huet de Staater Gemengerot Lucien Koenig, och „Siggy vu Lëtzebuerg" genannt, de Jang de Blannen 1946 identifizéiert, wéi dësem säi Graf kuerz viru senger Réckféierung op Lëtzebuerg, opgemaach gouf. Esou wéi de Lucien Koenig hu mir all méi oder wéineger konkret Virstellungen am Kapp, wéi een historesche Personnage soll ausgesinn hunn. Mee wou kommen déi Virstellungen eigentlech hier? An ass dat Bild dat mir vum Sigfried, Jang de Blannen oder och dem Willibrord am Kapp hunn och tatsächlech historesch korrekt? An enger Live-Sketching Session, zesumme mam promovéierten Mëttelalterhistoriker a Cartoonist Michel Summer, kritt de Public d'Méiglechkeet ee Bild vun eisen Nationalhelden no senge Virstellungen zeechnen ze loossen a bei der uschléissender Visite zesumme mam Curateur vun der Ausstellung dëst Bild kritesch ze hannerfroen.



**Öffnungszeiten**

Donnerstags
14h00 - 18h00

Samstag
05.11 & 03.12.
15h00 - 17h00

**Visite Guidée**

Donnerstag 10.11.2022
16h (DE) & 17h30 (FR)

**Anmeldung**
+352 72 02 30

touristinfo@
visitechternach.lu



pb 7-2022.indd 21 14/10/2022 20:59

# Catéchèse en Paroisse

Luc Zimmer, Titularkatechet,
☎ 26720376, 💻 luc.zimmer@cathol.lu
Parbüro: ☎ 720 149 💻 iechternach@cathol.lu

## Gottesdéngschter fir Kanner

- zu **Bäerdref** an der Kierch, all Samschdes 16.30 Auer Kannergottesdéngscht
- zu **Befort** an der Kierch, all Samschdes 18.00 Auer Kannergottesdéngscht
- zu **Iechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Lënster** an der Kierch: all Freides ëm 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Rouspert** an der Kierch, all Freides ëm 18.00 Auer Kannergottesdéngscht

***An de Schoulvakanzen si keng Kannergottesdéngschter***

## Kannergottesdéngscht an der Willibrordus-Oktave

All Kanner aus der Par Regioun Iechternach sinn häerzlechst invitéiert, zesummen mat hiren Elteren a Frënn:

**Mëttwochs, de 9. November um 18.30 Auer an der Basilika**

## Seenen vun de klenge Kanner

De Willibrord ass de Patréiner vun de Kanner, dofir sinn och déi ganz Kleng (0-6 Joer) an hir Familljen an hir Frënn häerzlechst invitéiert op:

**d'Kannerseenung Freides, den 11. November**



## D'Lënster Kierchemaisercher sinn och erëm um Dill !!

Si wibbele scho ganz ongedëlleg.
Mir starten dësen Hierscht mat eise Versammlungen, **am Parzenter zu Jonglënster**, freides,den **21. Oktober vunn 18.15 bis 19.15 Auer** .
Mir gesinn eis all zwou Wochen ëmmer ëm di selwecht Zäit, an de Schoulvakanzen ass näischt.
Wanns du wëlls derbäi sinn, tëschent 4 a 7 Joer al bass, da mell dech séier un.
Deng Eltere kënnen dat fir dech maachen iwwer eng e-Mail un:
francoise.bailleux@education.lu oder am Parbüro: iechternach@cathol.lu

*Nous sommes déjà impatients de nous réunir pour la première fois cet automne, le vendredi, 21 octobre de 18h15-19h15 au“ Parzenter“ à Junglinster.*
*Nous nous rassemblerons toutes les deux semaines à la même heure à l'exception des vacances scolaires.*
*Si tu veux participer à notre groupe, si tu as entre 4 et 7 ans, tes parents peuvent avoir des renseignements et t'inscrire par e-mail chez:*
*francoise.bailleux@education.lu ou au bureau paroissial : iechternach@cathol.lu*



pb 7-2022.indd 22 14/10/2022 20:59

# Dat (Vir-) Lescht















pb 7-2022.indd 23 14/10/2022 20:59



# Concert en l'honneur de St Willibrord

## Récital d'orgue par Jos Majerus

## Vendredi 11 novembre
## 20h00 en la Basilique

### Programme

**Wolfgang Amadeus Mozart (1756-1791)**
Fantasie f-moll - KV 608
Adagio in C - KV 356

**George Berg (18th century)**
Cornet Voluntary

**Felix Mendelssohn Bartholdy (1809-1847)**
Präludium und Fuge c-moll op.37,1

**Louis Vierne (1870-1937)**
Impromptu op.54 N°2
Arabesque op.31 N°15

**Jehan Alain (1911-1940)**
Deux Danses à Agni Yavishta - AWV 61

**Percy Whitlock (1903-1946)**
Folk Tune (« Five Short Pieces », 1929)

**Dom Paul Benoît (1893-1979)**
Elévation pour le SANCTUS de la Messe IV
Toccata – Allegro Vivo e Maestoso

**Pierre Nimax sen. (1930-2021)**
Fantasie über Echternacher Willibrordus-Lieder

*Entrée libre*

pb 7-2022.indd 24 14/10/2022 20:59